Paroecia Atertdall

# Par Atertdall Sainte-Claire

**Parbréif vum 15. Juli bis 22. September 2024**

**N° 4/2024 – Jg. 8**

Wëllkomm! Bienvenu! Willkommen! Bem-vindo! Welcome! Benvenuti!

Fir de Poopst Franziskus,
deen de 26. September 2024 op Lëtzebuerg kënnt.



## Diözesaant Gebiet fir de Poopstbesuch « Fir ze déngen »

***Gudde Papp am Himmel,***

***K***uck op däi Vollek, dat viru villen Erausfuederungen steet. Schenk äis de Geescht vun der Eenheet, duerch Geste vu Verzeien, fir zesummen nei opzebriechen a solidaresch ze handelen.

***E***rneier d'Kierch hei zu Lëtzebuerg duerch den Hellege Geescht. Maach äis op fir däi Wuert a sensibel fir d'Suergen an d'Froe vun de Mënschen vun haut.

***L***ooss äis aus dem Geescht vu Jesus Christus, dengem Jong, liewen. Duerch d'Daf si mir mat Him verbonnen, geruff a geschéckt, missionaresch Jüngerinnen a Jünger zu ginn.

***L***ooss esou d'Visioun vun enger lieweger Kierch an äis wuessen, an der Verschiddenheet vu Sproochen a Kulturen, duerch d'Vielfalt vu Charismen an Ämter, um Wee vun der Geschwësterlechkeet, an a Gemeinschaft mat eisem Poopst Franziskus, Dénger a Bréckebauer.

***A***men!

# PAR ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

Kierchen:

Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl

aus de Gemengen:

Biekerech, Ell, Groussbus-Wahl, Préizerdaul, Réiden, Useldeng, Viichten



**PARZENTRUM:**
**40, Grand'rue**
**L- 8510 Redange-Attert**
E-Mail: atertdall@cathol.lu

Site: https://cathol.lu/atertdall
Facebook: Par Atertdall Sainte-Claire | Facebook

**Kontosnummer: BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000**

## PASTORALEQUIPE :



Père Jean-Jacques FLAMMANG S.C.J., curé-doyen
Tél: 661 746 852 Mail: jean-jacques.flammang@cathol.lu

Abbé Vincent BILLOT, subsidiaire / vincent.billot@cathol.lu

Abbé Jacques BAGNOUD, subsidiaire / jacques.bagnoud@cathol.lu

**KATECHES:** par.atertdall.cate@gmail.com
Abbé Vincent BILLOT, responsable de la catéchèse



**KRANKEN- & ALTENPASTORAL:**
Marie Claire Rasqué Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855

**BEGRIEFNISPASTORAL / Téléphone d'urgence: Tél. 621 686 102**

**SEKRETARIAT & BESTELLUNGEN vu MASSEN:**

Michèle ASSERAY, secrétaire Tél: 23 62 10 53 atertdall@cathol.lu

**Heures d'ouverture du secrétariat paroissial:**
**mardi, mercredi, jeudi 9h00 - 11h30 & sur rendez-vous**




D'Sekretariat ass zou vum / le secrétariat sera fermé du
**22.7.-25.7. & 19.8.-29.8.2024**
**En l'absence, veuillez appeler le** 661 746 852

## UMELDUNGEN

- fir eng **DAF** oder e **BESTIETNIS** ginn nëmmen am Parbüro ugeholl.

Viraussetzungen fir eng **DAF**:
- Rendez-vous mam Paschtouer mindestens 2 Méint virum gewënschten Datum (bréngt w.e.g. vu Pätter a Giedel e Firmschäin mat)

Viraussetzungen fir e **BESTIETNIS**:
- Umeldungen w.e.g. 1 Joer virum gewënschten Datum. (wéinst dem Deelhuelen un den Ehevirbereedungscours'en).

**INSCRIPTIONS** pour un **baptême** ou un **mariage** sont à adresser uniquement au secrétariat paroissial.

Conditions préalables pour un **baptême**:
Rendez-vous avec le prêtre au moins 2 mois avant la date désirée.
(Amenez s.v.pl. les certificats de confirmation de la marraine et du parrain)

Conditions préalables pour un **mariage**:
Inscription 1 an avant la date désirée et participation à la formation de préparation au mariage.

**NEWSLETTER – ABONNEMENT:**

- D'Pastoraléquipe verschéckt regelméissig Neiegkeeten aus der Par per Mail un all Interesséiert Leit. Wann Dir iech wëllt abonnéieren, meld iech w.e.gl. am Parbüro mat engem Message per Mail un atertdall@cathol.lu

Léiwe Lieser vum **Parbréif**,
Dir sidd eisem Opruff nokomm fir eise Parbréif z'ënnerstëtzen.
De **Parbréif** kënnt ca. 6 Mol am Joer eraus, mat enger Oplo vun 1.500 Exemplairen. Entretien an Locatioun vun der Photokopiesmaschinn an de Pabeier loossen Onkäschte vun iwwer 6.000.- € entstoen.
Eis ass de Parbréif dat wäert!
Heimatt maachen mir weiderhin een häerzlichen Appel, fir Iech un dësen Onkäschten ze bedeelegen.



**E groussen MERCI fir all Iwwerweisung op de Kont**
**BCEELULL LU57 0019 5055 9545 4000**
(Kierchefong - Par Atertdall)
Déi Leit, déi de Parbréif gären iwwer Mail hätten sollen sech iwwert atertdall@cathol.lu mellen.

**De nächste Parbréif geet vum**
**>>> 23. September bis 24. November 2024 !!! <<<**
**Redaktiounsschluss ass Donneschdig, den 14.8.2024.**

# De grousse Forum an der Par Atertdall Sainte-Claire

Den 30. Juni war de grousse Forum vun der Par Atertdall Sainte-Claire, organiséiert vun eisem Pastoralrot esou wéi d'Statuten et virgesinn.
Et war d'Geleegenheet e Réckbléck an en Ausbléck iwwert d'Parliewen ze maachen.

Am Réckbleck huet d'Präsidentin, d'Mme Betty Heimermann, villes an Erënnerung geruff vun deem, wat de Pastoralrot am leschte Joer organiséiert hat : Konferenzen an der Faaschtenzäit zum Thema Gebiet am Kader vum Gebietsjoer 2024 mam abbé Vincent Billot an mam abbé Jacques Bagnaud, d'Gemeinschaftsmass op Christi Himmelfahrt zu Réiden fir all Dierfer aus der Par mat anschliessendem Verre de l'amitié, en Owend iwwert d'Diakonie mat der Mme Marie-Christine Ries, anschliessend d'Grënnung vun dem Aarbechtsgrupp « Diakonie », deen sech mat de soziale Froen an den Dierfer vun eise Pare beschäftegt an dem Pastoralrot Virschléi mëcht, wat d'Par kinnt ënnerhuelen; 2024 ass och vum Pastoralrot eng "Equipe liturgique » gegrënnt ginn, déi dem Paschtouer soll zur Säit stoen, fir d'Massen, déi vum Pastoralrot gestallt ginn, ze organiséieren. De Pastoralrot huet och d'Aféierung duerch den Kardinol Jean-Claude Hollerich zu Rédien vun der Dechensequipe a vun der Aféierung vun der Mme Isabelle Asseray an d'Begiefnispastoral organiséiert.

Wärend dem Austausch mat de Leit, déi um Forum deelgeholl hunn, sinn eng Rei vun Punkten fir d'Parliewen opgegraff ginn: d'Besichen vun de Kranken; direkt Hëllef an den Dierfer; d'wöchentlech Beicht nët nëmmen zu Réiden mee och an denen anere Kierchen; Partizipatioun un den Fester mat de Flüchtlingen; Gebiets- an Bibelowenter...



Am Ausbléck sinn dräi Themen ugeschwat ginn:

1. Kateches an der Par, wou sech ëm déi 120 Kanner ageschriwwen hunn, a wou elo den Abbé Vincent Billot zoustänneg ass an d'Kateches mat den Elteren virbereed a gestallt. Nei ass fir d'nächst Pastoraljoer 2024/2025, datt d'Kateches och zum Deel am Kader vun der Sonndegmass ass.

2. D'Hëllegt Joer ënnert dem Thema: « Pilger der Hoffnung » an 400 Joer Muttergottesoktav, nächst Joer 2025. Do sinn interessant Virschléi gemaach ginn: eng Pilgerfahrt mat der Par op Roum; e Concours iwwert d'Muttergottesstatuen an eisen Dierfer; eng Stäre Wallfahrt elo de 15. August op Rippweiler (schon organiséiert, Detailer am Parbréif), eng Ausstellung iwwert d'Muttergottes-veréierung hei an eisen Dierfer (schon amgang virbereed ze ginn fir d'Kropemannsfest am September zu Réiden, d'Ausstellung kann dann och an aneren Kierche gewise ginn), d'Grotten an d'Kapellen an eisen Dierfer méi bekannt maachen...

3. Am September kënnt den Frère Antoine DO, e vietnameseschen Member vun der Kongregation vun den Herz-Jesu-Priester, op Clairefontaine a mëcht e Stage an eiser Par, iert hien zum Diakon an zum Priester geweiht gëtt. Mir si frou, iwwert dës nei jonk Hëllef.

Eng Rei Froen goufen och gestallt:
Wat kënnen mer maachen fir déi jonk Familljen méi an d'Parliewen anzegliddderen?
De Pastoralrot wäert sech där Fro unhuelen. Déi nei Form vu Kateches kann do hëllefen.
Fir franséisch sprocheg Parleit ass virgesinn all Sonndeg eng Mass op franséisch ze halen, déi dann och speziell un déi jonk Familjen geriicht ass, dofir soll si, enger Emfro no, Sonndeg mueres um 11.30 Auer sinn, eng ideal Zäit fir déi jonk Familljen.

Nach vill aner Sachen sinn beim Verre de l'amitié beschwat ginn, esou dat et e räichen Owend war, fir eise Pastoralrot. All de Memberen, e grousse Merci fir hiren Asaz bei der Berodung. Wann nach Leit bereed sinn am Pastoralrot matzemaachen, kënnen si sech bei der Präsidentin, der Mme Betty Heimermann oder beim Paschtouer melden.

***Lors du grand Forum organisé par le Conseil pastoral de notre Paroisse Atertdall Sainte-Claire, on a proposé de célébrer plus souvent des messes dominicales en français le matin dans notre paroisse. Nous allons faire un essai pendant une année pour voir si l'offre correspond à une demande.***
***Faites-nous savoir ce que vous en pensez. Merci.***

**Mir wënschen Iech all schéi Summerméint!**

***Nous souhaitons à toutes et à tous de beaux mois d'été !***



# KATECHES & KOMMIOUN



**>> Aschreiwungen fir d'Kateches 2024-2025 <<**

**>> Aschreiwungen fir d'Kommioun 2025 <<**

Léif Elteren,
Déi nei Aschreiwungen fir d'Kateches a fir d'Kommioun lafen un **ab 17. Juni 2024**.
Informatiounen kritt dir am Parbüro Tel: 23 62 10 53
**Umeldungen nëmmen per Mail: inscription.cate.attertdall@gmail.com**
D' Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir dann op eisem Site:
https://web.cathol.lu/article6545

**D'Aschreiwungen gin bis den 30. August 2024.**



# CATÉCHÈSE & COMMUNION



**>> Inscription à la catéchèse 2024/2025 <<**

**>> Inscription pour la Communion 2025 <<**

Chers parents,
Les inscriptions pour la catéchèse et la communion débuteront le **17 juin 2024.**
Informations auprès du secrétariat paroissial Tél: 23 62 10 53
…**Inscriptions uniquement par mail: inscription.cate.attertdall@gmail.com**
Les fiches d'inscriptions seront disponibles sur notre site:
https://web.cathol.lu/article6545

**La date butoir pour les inscriptions est fixée au 30 août 2024.**

# *INVITATION - ALUEDUNG*



Freideg, den **20. September um 19.00 Auer am Préizerdaul** an der Kierch ass Versammlung fir d'Elteren vun de Kommiounskanner 2025

Vendredi, le **20 septembre à 19h00 en l'église de Préizerdaul**:
Réunion pour les parents des enfants de la 1ère communion 2025

# Aschreiwungen fir d'Firmung 2025

Informatiounen am Parbüro Tel: 23 62 10 53 oder Mail: atertdall@cathol.lu
D' Formulairen fir d'Aschreiwungen fannt dir op eisem Site:
https://web.cathol.lu/article4406 (Firmung)



**D'Aschreiwungen gin bis den 30. August 2024.**

# Inscriptions au sacrement de la confirmation 2025

Information auprès du secrétarait paroissial Tél: 23 62 10 53
ou par mail: atertdall@cathol.lu
Les fiches d'inscriptions sont disponibles sur notre site:
https://web.cathol.lu/article4406 (confirmation)

**La date butoir pour les inscriptions est fixée au 30 août 2024.**

# KAUMAHAN FESTIVAL VUN «AIDE PHILIPPINES»

**Sonndeg, den 18. August 2024**
**um 10:30 Auer**
**ass an der Kapell zu Hitten**
**eng Houmass**

Mir si frou Iech den 18. August an d'Sonndesmass an der Kapell zu Hitten anzelueden, déi am Kader vum KAUMAHAN FESTIVAL vun Aide Philippines stattfënnt.




Aide Philippines ass eng ONG déi zu Biekerech/Hitten ageschriwwen ass a schonns säit iwwer 10 Joer op de Philippinnen verschidde Projeten mécht. Ënner anerem Haiser bauen a renovéieren, Solar Anlagen opbauen, Operatiounen finanzéieren, Kanner an der Schoul ënnerstëtzen a villes méi.

D'Kapell vum Hellege Sigismund ass an der Zwëschenzäit e bessi verschéinert ginn. Ënner anerem huet si eng nei Dier an en neit Altor Podest vun de Millepätteren vu Biekerech krut an d'Gemeng ass amgaang se bannen ze verschéineren.








**Sonndig, den 28 Juli ass zu Schandel um 10.30 Auer Houmass mat Christophorusfeier mat Seenen vun de Gefierer,**



**uschléissend Duerffest**

---

## Léiffrawëschdag – Léiffrakrautdag
## Assomption – Mariae Himmelfahrt



D'**Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire** bannen **Wëscher** fir déi ganz Par, den **13. August** beim Marie Claire zu Kolpech. All Hëllef ass gäre gesinn. Och Netmemberen sinn häerzlech wëllkomm eng Hand mat unzepaken, duerfir mellt iech w.e.g. un um Telefon beim Marie Claire: 23 62 07 20.

Hei ginn och d'Umeldungen fir e **Wësch ze bestellen** ugeholl. D'Wëscher gin verkaaft fir de "**Waasserprojet am Madagascar**" z'ënnerstëtzen an all **Don** ass häerzlech wëllkomm. CCPLLULL LU07 1111 0137 5982 0000 vun Heimat und Mission mam Vermierk: "Waasserprojet Madagascar".

D'Wëscher ginn an de Massen vu **Mariae Himmelfahrt** verdeelt an op Wonsch och Heem bruecht. Natierlech däerf een och säin eegene Wësch matbréngen.

---

## Stäerentour bei d'Rippweiler Grott
## 15. August 2024

Als Astëmmung op 400 Joer Mariewallfahrt zu Lëtzebuerg

Kierch am Duerf

Rippweiler

**Départ**
Schandeler Kierch
Rdv 17:30h
2,5 km + 4.7 km

**Départ**
Useldinger Kierch
Rdv 18:00h
5,5 km

**Départ**
Iewerlenger Kierch
Rdv 18:30h
4,7 km

iwwer Feldweeer a Velospiste



Mass bei der Grott
mat Liichterprëssioun
20:15h



Méiglichkeet fir äeren Auto um 17h op Rippweiler bei d'Kierch ze bréngen.

Eng Navette bréngt Iech dann zréck op de gewënschte Startpunkt.

Aner Dierfer däerfe sech gär uschléissen an aus hierer Richtung kommen.

Méi Info 621793356

Bei schlechtem Wieder fënnt de Stäerentour nit statt.

No der Mass gëtt et ee Maufel an ee Patt beim Club des Jeunes beim Centre Culturel.

# E Kado fir de Poopst

## *Apostolesch Visitt vum Hellege Vater zu Lëtzebuerg*

Am Kader vun der apostolescher Rees op Lëtzebuerg, déi ënnert der Devise "Fir ze déngen" steet, iwwerreecht d'Äerzdiözees dem Hellege Papp de 26. September 2024 e Kado, fir him Merci ze soe fir seng Visitt an hie bei senge karitativen Aktiounen ze ënnerstëtzen. Dëse Kado, a Form vun engem Don, geet un d'Wierker vum Dicastère pour le Service de la Charité vum Hellege Stull, bekannt ënnert dem Numm Aumônerie Apostolique. D'Aumônerie Apostolique huet als Missioun, fir am Geescht vum Evangelium an am Numm vum Poopst, d'Baarmhäerzegkeet zu Gonschte vun deenen Aarmen, deene Schwaachen an deenen Ënnerdréckten uechter d'Welt ze liewen.

**Wann Dir Iech un dësem Kado bedeelege wëllt, kënnt Dir en Don maachen un d'Fondatioun Sainte-Irmine: CCPL LU64 1111 7017 0305 0000 mat der Mentioun: Don - Kado fir de Poopst, wa méiglech virum 15. September.**
**Fir Online-Donen: www.irmine.lu**

*Kontakt: Fondation Sainte-Irmine, 4, rue Génistre, L-2014 Luxembourg, info@irmine.lu*
*Är Done kënne vun de Steieren ofgesat ginn an de gesetzleche Limitten*
*Weider Info & QR code op:* https://cathol.lu/article10912

# DIÖZESAN PILGERFAHRT OP BANNEUX

## Thema: „Ensemble sous ton voile de tendresse“

## Donneschdeg, den 12. September 2024

<u>Treffpunkten fir de Bus sinn:</u>

7.45 Auer - Réiden - Kierch
8.00 Auer - Bettborn - Busstatioun „Gemengeplaz“, op der Haaptstrooss
8.15 Auer - Rammerich - Gare

<u>De Programm vum Dag ass folgenden:</u>

9.45 Auer - Beichtgeleenheet an der grousser Kierch
10.00 Auer - Rousekranzgebiet
10.30 Auer - Pilgermass presidéiert vum Kardinol Jean-Claude Hollerich, Äerzbëschof vu Lëtzebuerg
14.00 Auer - Gebiet bei der Quell
14.15 Auer - Kräizwee
15.30 Auer - Sakramentsandacht mat Krankeseenung & Seenen vun de Pilger
17.15 Auer - Départ zu Banneux. Mir sinn géint 20.00 Auer erem zréck.

Präis vum Bus mat Mëttigiessen: **50€ / Persoun**. *(Gëtt op der Plaz bezuelt)*

**Umeldungen per Mail <u>jjf@scj.lu</u> oder 661 746 852 bis den 4. September.**

*Hudd dir eng Mobilité réduite oder sitt krank a wëllt awer mat op Banneux pilgeren, da meld iech w.e.g. beim Marie Claire Rasqué um Tel : **23 620 720** oder um **621 618 855**. Hei kritt dir déi néideg Informatiounen.*

Chers paroissiens, la paroisse organise un bus de pèlerinage à BANNEUX.

<u>Itinéraire du bus:</u>

7.45 h - Redange – église (place Bian)
8.00 h - Bettborn - station „Gemengeplaz“
8.15 h - Rambrouch - gare




<u>Programme:</u>

9.45 h - Confession sur demande
10.00 h - Rosaire
10.30 h - Messe des pèlerins présidée par le Cardinal Jean-Claude Hollerich, Archevêque de Luxembourg
14.00 h - Prière à la source
14.15 h - Chemin de croix
15.30 h - recueillement devant le sacrement, bénédiction des malades et pèlerins
17.15 h - Départ à Banneux. Nous serons de retour vers 20.00h.

Le prix du voyage avec déjeuner: **50€ / Personne**. *(à payer sur place)*

**Inscription par mail : <u>jjf@scj.lu</u> ou tél: 661 746 852 avant le 4 septembre.**

*Si vous avez une mobilité réduite ou êtes malade et vous voulez participer au pèlerinage, contactez s.v.p. Marie Claire Rasqué au tél : **23 620 720** ou **621 618 855** où vous recevrez les informations nésessaires.*

# AGENDA: Massen – Fester – Feieren

**Dënschdeg 16. Juli Notre Dame vum Bierg Karmel**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet** 

**Donneschdeg 18. Juli**

**Préizerdaul 17.00 - 18.30 Ubiedung – Adoration**



**Préizerdaul 18.30 Mass**
Stg. Fam. Wagner-Krell (Pz)
Stg. Fam. Kellen-Frank
Stg. Louis Weyland-Marguerite Goedert

**Samschdeg 20. Juli**

**Réiden 15.00 Hochzäit Anne SCHOETTER & Mick WEBER**

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**

**Useldeng 18.30 Kiermesmass**
JM Marcel Weber,Verst. Fam. Weber-Feitler, Feitler-Hennico & René Frisch
JM Léon Frank
JM Irma Mergen-Weimerskirch a Fam.
Verst. Fam. Olinger-Weimerskirch
Félix Nothum
Jean Boudler, Régine a Misch Boudler-Jacoby, Clemy an Alphonse Weyland-Duhr
**uschléissend Griewerseenung**



Foto: Patrice Yuric

***Haut ass de leschten Dag fir d'Schoulsak-Aktioun 2024***

**Sonndeg 21. Juli 16. Sonndeg am Joreskrees**

**Réiden 9.15 Mass *am HPPA – St. François***

**Biekerich 10.30 Kiermesmass**
6.WM Justine Kammes-Thoma
6.WM Eléonore Schleider-Diederich
**uschléissend Griewerseenung**

**Réiden 18.30 Owesmass**

**Dënschdeg 23. Juli Hl. Brigitta vu Schweden (+1374)**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet** 

**Mëttwoch 24. Juli Hl. Christophorus, Märtyrer**

**Osper 18.30 Mass**
Verst. Fam. Goedert-Schmit
Stg. fir Wohltäter



Bild: Pfarrei Schoenenberg-Kuebelberg

**Freideg 26. Juli Hl. Joachim an Hl. Anna**

**Bëschrued 18.30 Mass**
Stg. Marcel Bourg
Stg. Marcel Keiser, Martin Schroeder, Raymond Weber, Jean Wagner und Adolphe Goffin

**Samschdeg 27. Juli**

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet**
**Préizerdaul 18.30 Virowendmass**
op Meenung (M.G. & L.I. & L.A.)

**ROUM-PILGERFAHRT vun de Massendinger vum 28.07. – 04.08.2024**

**Sonndeg 28. Juli 17. Sonndeg am Joreskrees**

**Réiden 9.15 Mass *am HPPA – St. François***
**Schandel 10.30 Christophorusfeier mat Seenen vun de Gefierer**
*(Info S. 8 )*
Maria a Jean-Pierre Scholtus-Dondlinger
uschléissend Duerffest *Org.: DT Schandel*
**Réiden 18.30 Owesmass**
6.WM René Theisen

**Dënschdeg 30. Juli**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet**

**Mëttwoch 31. Juli Hl. Ignatius vu Loyola (+1556)**

**Dellen 18.30 Mass**
Henri a Leon Koel
Fam. Agnes-Thurmes-Bildgen
Verst. Fam. Meyers-Meyers-Lies
Fam. Gremling-Krier-Fischbach

**Gebetsanliegen des Papstes für den Monat August**

Wir beten, dass die politisch Verantwortlichen sich in den Dienst ihres Volkes stellen, sich für eine ganzheitliche menschliche Entwicklung und das Gemeinwohl einsetzen, sich um diejenigen kümmern, die ihren Arbeitsplatz verloren haben und den Ärmsten Vorrang geben.

**Freideg 2. August Häerz-Jesu-Freidig**

**Viichten 18.00 Rousekranzgebiet**

**Samschdeg 3. August**

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet**
**Viichten 18.30 Virowendmass**
Fam. Kugener-Elsen-Waltzing

**Sonndeg 4. August 18. Sonndeg am Joreskrees**

| | | |
|---|---|---|
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Biekerich** | **10.30** | **Houmass**<br>1.JM Claire Meis-Neuberg |
| **Réiden** | **18.30** | **Messe en français** |

**Dënschdeg 6. August VERKLÄRUNG VUM HÄR**

| | | |
|---|---|---|
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet** |

**Samschdeg 10. August Hl. Laurentius (+258)**

| | | |
|---|---|---|
| **Randschelt** | **15.00** | **Daffeier Mika BRIMMEYER NOURISSIER** |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Wahl** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Alice a Jos Malget-Treff & Mathilde Treff<br>Roby Kneip |

**Sonndeg 11. August Hl. Klara vun Assisi, Patréinesch vun eiser Par**



| | | |
|---|---|---|
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Useldeng** | **10.30** | **Houmass**<br>6.WM Geneviève Kremer-Hennico<br>Maria a Jean-Pierre Scholtus-Dondlinger<br>Liliane Gengler-Ferber<br>Stg. R.R.D.D. Nic. Majerus & Fam., Michel Schuster, Théophile Weirich & Fam., Pfarrkinder u. Wohltäter |
| **Réiden** | **18.30** | **Festmass zu Éier vun der Hl. Klara vun Assisi fir eis Par** |

➢ ***Bestellung vun de Wëscher*** *(Info S. 8)*

**Dënschdeg 13. August**

| | | |
|---|---|---|
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet** |

**Mëttwoch 14. August Hl. Maximilian Kolbe, Märtyrer (+1941)**

| | | |
|---|---|---|
| **Nidderpallen**<br>*bei der Grotte* | **20.00** | **Festmass mat Seenen vum Wësch**<br>Stg. Wohltäter der Kirche |



**Oh, wann wird die Zeit kommen, in der du, o Königin des Himmels, die Königin aller Menschen und eines jeden Einzelnen wirst? Mit deiner Hilfe und im Rahmen unserer Möglichkeiten werden wir bis zum letzten Atemzug für dieses Ziel kämpfen. Hilf uns also, o Königin, Frau, liebevollste Mutter!**

Quelle: Die Schriften des heiligen Maximilian Maria Kolbe

## Donneschdeg 15. August **MARIAE HIMMELFAHRT**

**Réiden** **9.15** **Festmass mat Seenen vum Wësch**
***am HPPA – St. François***

**Groussbus** **10.30** **Festmass mat Seenen vum Wësch**
JM Liette Schuster
Roger Duhem & Livio Tomassini
Fam. Hoffmann-Mangen-Splicks
Stg. Familljen Thillen
Stg. Familljen Arendt-Birckel-Clerf
Stg. Fernande Olinger-Goedert & Famill Goedert

*(Info S. 9)*

**Stäerentour** bei d'Rippweiler Grott als Astëmmung op 400 Joer Marienwalfahrt zu Lëtzebuerg
*<u>Org:</u> KaD Gemeng Useldeng & Oeuvres paroissiales Rippweiler*

**Vichten** **19.00 – 19.30** Petit concert de musique baroque
*<u>Musiciens:</u>* Etienne Mottoul, orgue & Françoise Bourgois, hautbois

**Vichten** 19.30 *Käerzeverkaf fir d'Liichterprëssessioun*
**20.00** **Prëssioun** vun der Kierch bis bei d'Grotte.
**Festmass** bei der Grotte **mat Seenen vum Wësch**
Fam. Thilmany-Goedert & Fam. Arendt-Koster
*<u>No der Mass:</u>* **Lichterprëssioun** zréck an d'**Kierch**, wou de sakramentale Seegen erdeelt gëtt.
(*Bei schlechtem Wieder ass d'Mass an der Kierch*)

**Rippweiler** **20.15** **Festmass mat Seenen vum Wësch**
*bei der Grotte*
JM Eugène a Finy Schmit-Kleer
Geeschtlech v. Rippweiler an aus der Par
Fam. Harpes, Hess & Molitor
Stg. Pfarrer Nothumb, Nicolas u. Jean Nilles, Fam. Nothumb-Muller, Relles-Elcheroth, Zeimet, Harpes, Zimmer u. Jugend von Rippweiler
Stg. Pfarrer J.P. Frank u. Pierre Hess, Fam. Frank-Reckinger-Schiltz-Regenwetter-Hess-Jacoby-Biesen-Hommel



*<u>No der Mass:</u>* **Lichterprëssioun** an d'**Kierch,** wou de sakramentale Seegen erdeelt gëtt.
(*Bei schlechtem Wieder ass d'Mass an der Kierch*)

*(Info S. 9)*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdeg** | **17. August** | |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Ell** | **18.30** | **Kiermesmass**<br>Albert an Maria Fasbinder-Nies, Verst. Fam. Fasbinder-Seyler<br>Victor Crochet<br>Mathias Unsen a Berthe Wersandt<br>Fam. Rasqué & Dolizy<br>Stg. Fam. Nothum-Unsen<br>Stg. Fam. Godelet & Peiffer<br>Stg. fir Wohltäter<br>**duerno Griewerseenung** |
|  | | |
| **Sonndeg** | **18. August** | **20. Sonndeg am Joreskrees** |
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Hitten**<br>*Kapell*<br>*(Info S. 7)* | **10.30** | **Mass am Kader vum Festival vun**<br>**« Aide Philippines »** |
| **Réiden** | **18.30** | **Owesmass** |
| **Dënschdeg** | **20. August** | |
| **Iewerleng** | **15.00** | **Rousekranz- an Psalmegebiet**  |
| **Donneschdeg** | **22. August** | **Maria Kinnigin** |
| **Iewerleng** | **18.30** | **Mass zum Gedenkdag**<br>Victor Sinner<br>Fam. Grotz-Rieff an Janssen-Dengler<br>Verst. Fam. Kleer-Hoffmann<br>Verst. Fam. Bingen-Weydert, Albert a Roby Bingen |
| **Samschdeg** | **24. August** | **Hl. Bartholomäus, Apostel** |
| **Réiden** | **17.00** | **Beichtgeleeënheet – confession** |
| **Préizerdaul** | **18.30** | **Virowendmass**<br>Stg. Verst. Fam. Steichen-Kissen & Steichen-Kisch<br>Stg. Jean Koob-Marie Warnimont<br>Stg. Gaspard Schmit-Marie Kolber |
| **Sonndeg** | **25. August** | **21. Sonndeg am Joreskrees** |
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Méchelbuch** | **10.30** | **Kiermesmass**<br>Liew. a Verst. aus der Duerfgemeinschaft<br>**duerno Griewerseenung** |
| **Réiden** | **18.30** | **Owesmass** |

**Dënschdeg 27. August Hl. Monika (+387)**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet**

**>> Redaktiounsschluss fir de neien Parbréif >> 29.8.2024 <<**

**Samschdeg 31. August**

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**

**Vichten 18.30 Kiermesmass**
Claude Nickels
Fam. Thilmany-Goedert & Fam. Arendt-Koster
Stg. Eugène Moris-Agnès Hengen
**duerno Griewerseenung**

**Gebetsanliegen des Papstes für den Monat September**

Wir beten, dass jeder von uns den Schrei der Erde und der Opfer von Umweltkatastrophen und Klimawandel mit dem Herzen hört und sich persönlich verpflichtet, für die Welt, in der wir leben, zu sorgen.

**Weltgebietsdag fir d'Wahrung v.d. Schöpfung**

**Sonndeg 1. September 22. Sonndeg am Joreskrees**

**Réiden 9.15 Mass *am HPPA – St. François***

**Näerden 10.30 Houmass**
Armand a Roger Martiny

**Schweech** *Kapell* **11.30 Daffeier Moris Noé KUNNERT**

**Réiden 18.30 Messe en français**

**Dënschdeg 3. September Hl. Gregor der Grosse (+604)**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet**

**Mëttwoch 4. September**

**Osper 18.30 Mass**
Verst. Fam. Goedert-Schmit
Stg. für Wohltäter

**Réiden** *Aula* **19.30 Filmowend:**
**"d'Engelcher vu Schëndels"**
*Org: ACFL Par Atertdall*

Action Catholique des Femmes du Luxembourg

**Freideg 6. September Häerz-Jesu-Freideg**

**Viichten 18.00 Rousekranzgebiet**



„Der Rosenkranz ist die Waffe für unsere Zeit."

*Hl. Padre Pio (+1968)*

**Samschdeg 7. September**

**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet**
**Wahl 18.30 Virowendmass**
Julie Kroemmer
Stg. Fam. Konrath-Kneip

Réiden *Kierch* 20.00 Concert - Musique dans la vallée de l'Attert

## 58. Welttag der sozialen Kommunikatiounsmittel

**Sonndeg 8. September 23. Sonndeg am Joreskrees**

**Réiden 9.15 Mass *am HPPA – St. François***
**Préizerdaul 10.30 Kiermesmass**
Marcel Nommesch & Mathilde Schmit
Stg. Fam. Olsem-Schroeder
Stg. Wohltäter v.d. Kierch
**duerno Griewerseenung**
**Préizerdaul 12.00 Daffeier Jayson BRADARA** 
**Réiden 18.30 Owesmass**

**Dënschdeg 10. September**

**Iewerleng 15.00 Rousekranz- an Psalmegebiet** 

## Diözesan Pilgerfahrt op BANNEUX

**Donneschdeg 12. September Mariae Namen**




**Banneux** **Pilgerfahrt op Banneux**
*(Info S.10)* **Thema: „Ensemble sous ton voile de tendresse"**

**Samschdeg 14. September Fest vum hellege Kräiz**



**Réiden 17.00 Beichtgeleeënheet – confession**
**Nojem** *bei der Grotte* **20.00 Festmass**
Fam. Welscher-Kayser, Waxweiler-Welscher, Welscher-Schneider a Margot Waxweiler-Pletschet
Fam. Kaufmann-Unsen



*No der Mass:* **Lichterprëssioun** an d'**Kierch,** wou de sakramentale Seegen erdeelt gëtt.
*(Bei schlechtem Wieder ass d'Mass an der Kierch)*

Biekerich *Kierch* 20.00 Concert - Musique dans la vallée de l'Attert

## Sonndeg 15. September 24. Sonndeg am Joreskrees

**Réiden** **9.15** **Mass *am HPPA – St. François***

**Groussbus** **10.30** **Houmass**
Elise Jacoby-Schuster an Eugène Jacoby a Jempi Jacoby a Marcel Quinet a Famill
Nic Mathieu a Susanne Colbach
Roger Duhem & Livio Tomassini
Stg. Achille Manternach
Stg. fir Wohltäter

**Réiden** **18.30** **Owesmass**
André Kries

## Dënschdeg 17. September

**Iewerleng** **15.00** **Rousekranz- an Psalmegebiet** 

## Donneschdeg 19. September

**Préizerdaul** **17.00 - 18.30** **Ubiedung – Adoration**

**Préizerdaul** **18.30** **Mass**
Stg. Fam. Wagner-Krell (Pz)

## Freideg 20. September

**Ell** **18.30** **Rousekranzgebiet** 

**Préizerdaul** **19.00** **Versammlung fir d'Elteren vun de Kommiounskanner 2024/25**
***Kierch***
***Église***
*(Info S.6 / p.6)*
**Réunion pour les parents des enfants de la 1ère communion 2024/25**


## Samschdeg 21. September Hl. Matthäus, Evangelist

**Kuelebierg** **14.30** **Hochzäit Anne SCHNEIDER & Gilbert BOONEN**
*Kapell*

**Réiden** **17.00** **Beichtgeleeënheet – confession**

**Préizerdaul** **18.30** **Familljemass fir de Schoulufank mat Seenen vun de Schoulsäck**


**Messe des familles pour la rentrée scolaire avec bénédiction des cartables**


| Sonndeg | 22. September | 25. Sonndeg am Joreskrees |
|---|---|---|
| **Réiden** | **9.15** | **Mass *am HPPA – St. François*** |
| **Useldeng** | **10.30** | **Houmass**<br>JM Roby Losch<br>Fam. Schroeder-Miller<br>Fam. Barthelemy-Dondlinger<br>Stg. fir Wohltäter |
| **Réiden** | **18.30** | **Owesmass fir d'Par** |

## Donneschdeg, de 26. September 2024 ass d'Visite vum Poopst Franziskus zu Lëtzebuerg

POUR SERVIR
LUXEMBOURG
26.09.2024

*« Pour servir » est la devise du voyage du Saint Père au Luxembourg*



*De Programm vun der Visite gëtt Mëtt Juli veröffentlicht.*
*Dir fannt dann all Informatiounen um Site: www.cathol.lu*


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu


POMPES FUNÈBRES
ETERNUM
Mir stinn lech zur Säit
fir Äert Graf vun Äre
léiwe Verbliwwenen
ze ënnerhalen.
Schéi Blummen,
ofwäschen oder nei
ausfouen.
1, Viichtenerstrooss | L-8620 Schandel
Tel. 288 055 00 | contact@eternum.lu